adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Et gëtt ëmmer manner Lëtzebuergesch an der Lëtzebuerger Aarbechtswelt geschwat. Esou ass tëscht 2011 an 2018 den Undeel vun Awunner, deen op der Aarbecht Lëtzebuergesch schwätzt, dramatesch gefall vu 60,5% op 48%. Et huet sech doriwwer eraus rëmgeschwat, dass Auslänner, déi sech un d'Aarbechtsamt ADEM wenden an dann am Rendez-vous nofroen, wéi a wou si Lëtzebuergesch kéinte léieren, gesot kréien, dat wier "verlueren Zäit" oder "onnéideg" respektiv "iwwerflësseg".

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister confirméieren, datt auslännesch Aarbechtssichend um Aarbechtsamt dës Äntwerte kréien, wa se froen, wou si Lëtzebuergesch léiere kéinten? Ass dës Zort vun Äntwert mat de Verantwortleche vun der ADEM ofgeschwat? Wier et net besser, déi auslännesch Interessenten ze encouragéieren, fir Lëtzebuergesch ze léieren?

3) Ginn et trotzdeem op Säite vun der ADEM Beméiungen, fir dës Leit ze encouragéieren, sech a Coursë fir Lëtzebuergesch anzeschreiwen? Gesäit d'ADEM do extra Coursë fir? Mat wéi engem Acteur gëtt zesummengeschafft?

4) Deelt den Här Minister d'Meenung, dass d'Léiere vun eiser Sprooch um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, ausserhalb vum ëffentlechen Déngscht, mëttlerweil deelweis iwwerflësseg ass?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten